# Koschter

Fir d'zweete Kéier hu sech dëst Joer och di Lëtzebuerger Librären un der 'Journée mondiale du Livre' bedeelegt, di all Joer den 23. Abrël vun der UNESCO gefeiert gët, well den Dag de Shakespeare an den Cervantes gestuerwe sin. All Client krut deen Dag e Buch geschenkt: e 'Lesebuch' erausgin vum Börsenverein des deutschen Buchhandels. Souwäit sougudd, wann de Koschter nët gewuer gi wär, dass d'Lëtzebuerger Editören eigentlech wëlles haten, en Täschebuch mat Texter vu Lëtzebuerger Autören ze produzéieren an deen Dag gratis ze verdreiwen. Dozou as ët awer leider nët komm. Méi kokass wor ët, dass och d'Asbl *'Freed um Liesen'* deen Dag datselwecht däitscht Buch massiv an der Stater Gare verdeelt huet, un d'Passagéier di vum Zuch koumen: Dat sin awer bekanntlech haaptsächlech franséischsproocheg Voyageuren, wi ët am CFL-Jargon heescht. Eng lëtzebuergesch Buchproduktioun mat Texter an den dräi Sproochen wär also scho ganz nëtzlech fir den Dag vum Buch.

**m.p.**

An enger aussergewéinlech flott opgemaachter Broschür mam Titel «les témoins de la 2e génération. voyage commémoratif à Auschwitz», di vum *Letzeburger Land* produzéiert gouf, gët Bilan gezun no där Rees, di den DP-Europadeputéierten Charel Goerens am September 1997 am Kader vum Joer géint de Rassismus fir ronn 125 Lëtzebuerger Schüler op Auschwitz organiséiert hat. Et freet de Koschter festzestellen, dass d'Témoignage vu Schüler aus engem Stater Lycée technique kommen, an nët aus klassesche Lycéën, wéi dat vläicht munchereen erwaart hätt. De Koschter fillt sech doduerch bestätegt, fir och dëst Joer de Präis fir di bescht Schüler an der 'Connaissance du Monde contemporain' geziilt un Technique's-Schüler ze verdeelen. D'Präisverdeelung as dës Kéier den 30. Juni zu Miersch am Literaturarchiv, verbonne mat enger Liesung vum Lëtzebuerger Schrëftsteller a *forum*-Mataarbechter Guy Rewenig.

**m.p.**

D'Lëtzeburger Natur- a Vulleschutzliga (LNVL) hat et an deene läschte Jore fäerdegbruecht, engem breede Publikum de Wee ze weisen vun der einfacher Léift an dem Interesse fir d'Natur zu engem verantwortlechen Emgang mat der Emwelt, deen och Gesamtzesummenhäng a politesch Froe berücksichtegt. Op der leschter Oekofuar hat sech de Koschter ewell un engem - nach diskrete - Cactus-Sponsoring gestouss. Säithier huet d'LNVL e puer Schëppe nogeluecht: Sponsor vum Junior-Club as d'Luxair (well si de Klima mecht an dem eis Kanner musse liewen?), an an der Regulus-Nummer 1/98 fënnt een souguer eng Annonce fir e bekannte Miwwel-Discounter (mat alles anescht wi gesonden an emweltfrëndleche Miwwelen). D'Ausgab 3/98 besteet souguer iwwer d'Halschent aus Reklammen. De neie, professionelle Layout gët zitéiert als Grond, Geld iwwert eng extern Pübliziteitsajons mussen opzedreiwen. Mä jidferee weess, datt Reklammen nët gemaach gin, fir den ONGen ze hëllefen, mee fir de Firmen ze notzen. Kann een als Naturschutzorganisatioun nach bestëmmte Reklamen unhuelen, wann ee weess, wéivill eis Liewens- a Konsumstrukturen zu eben deene Problemer bäidroen, déi ee bekämpft?

**RK**

Les banquiers luxembourgeois seraient «inconsolables en ce qui concerne l'image du centre financier à l'étranger», rapporte le *Land* du 24 avril (Marc Gerges, p.3). Lors du bilan de l'année 1997 presenté par l'ABBL, son président Paul Meyers a fait appel à la solidarité collective pour protéger la réputation du centre financier, qui coïnciderait avec celle du pays tout entier. Mais, s'il vous plaît, pas par toutes ces lois de plus en plus sévères, qui imposeraient au banquier, dixit Paul Meyer, une «obligation de délation, comparable aux méthodes employées à l'époque par la Stasi en RDA». Vive la liberté donc, et M. Meyers n'oublie pas de citer celle-là qui est la plus menacée: la liberté fondamentale du secret bancaire. C'est vrai qu'on l'oublie trop souvent en cette année de tous les droits de l'homme ... On connaissait déjà l'égale liberté dont disposent le millionnaire et le clochard de dormir sous les ponts. Voilà établie fort équitablement la liberté du clochard comme du millionnaire de dissimuler leur situation de fortune.

**RK**